Schëfflenger Jugendhaus

# Joresrapport

Oktober 2017 - Oktober 2018

mäin ZUKUNFTSDIPLOM

# 1. Inhaltsverzeichnis


**2. D'SCHËFFLENGER JUGENDHAUS 3**

**A.s.b.l 3**
**Team 3**
**Benevolater/ SVO / Stagiairen 4**
**Zilgrupp 5**
**Ouvertureszäiten vum Jugendhaus (Acceuil) 5**
**Ëffentlechkeetsaarbescht 5**

**3. PROJETEN AN AKTIVITÉITEN 6**

**Dagesprojeten 7**
**Kurzzäitprojeten 7**

BESCHREIWUNG VUM PROJET: **8**

ZIELER: **9**

WOCHENPLANUNG **9**

ZIELE: **10**

- CITYTRIP STROOSSBUERG ( 03.04.18 – 05.04.18) **10**

- CITYTRIP MAASTRICHT 23.05-25.05) **11**

**Daueraktivitéiten / Langzäitprojeten 13**

- **RISIKOKOMPETENZ** ERROR! BOOKMARK NOT DEFINED.

**Vakanzenaktivitéiten 2018 23**

**4. UNHANG 23**

**Memberen 23**
**Visiteuren 24**
**Aktivitéiten 24**

D' **Schëfflenger Jugendhaus** baut op den Bedierfnisser an den Interessen vun de Jugendlechen op. Dofir ass et all Mataarbechter besonnesch wichteg déi ze Erkennen an déi Jugendlech bei hirem Entwécklungsprozess ze begleeden a Motivéieren. Duerch géigesäiteg Wäertschätzung a Respekt kréien déi Jugendlech Méiglechkeet sech aktiv un de Projeten an Aktivitéiten ze bedeelegen a mat ze gestalten. Doduerch kënne Sie wäertvoll Erfarungen sammelen an nei Kompetenzen gewannen, déi hinnen am Liewen vun Notzen sinn. Gläichzäiteg sollen hir individuell Fäegkeeten gestäerkt ginn. Vill Jugendlecher weise verstoppten Potential op, dat et ze erkenne gëllt fir déi Jugendlech besser begleeden ze kënnen an hirem perséinleche Ziel méi no ze brengen.

Ee wichtege Punkt vun eiser Bildungsariichtung ass et dowéinst deene Jugendlechen een gutt Beispill ze sinn an hinnen mat enger optimistescher Astellung ze begéinen. Frëndlechkeet, Respekt, Empathie an Authentizitéit spillen dobäi eng zentral Roll.

Domat eng Struktur wéi Schëfflenger Jugendhaus no deem Konzept funktionéiere kann, mussen déi Jugendlech sech un definéiert Ëmgangsreegelen halen. Déi goufen zesummen mat hinne festgeluecht. Dës Reegelen sollen zu engem respektvollen Ëmgang am Jugendhaus bäidroen.

## 2. D'Schëfflenger Jugendhaus

### A.s.b.l

Präsidentin: Enesa Agovic
Vize-Präsident: Rizo Agovic
Sekretärin: Schmitt Marie-Jeanne
Schatzmeeschter: Jamini Semir

Memberen:

Alain Paluce
Aldin Civovic
Carlo Feiereisen
Claudine Dostert
Guy Steichen
Gilbert Godart
Sven Kill
Yannick Semedo

### Team

De Oliveira Patrick: Jugendarbechter ( säit 2018)
Colignon Sarah: Jugendarbechterin ( säit 2014)
Smith-Boes Janine: Jugendarbechterin ( säit 2012)
Steimenz Anne: Jugendarbechterin ( vun 2017 bis 2018)
Welter Jacques: Jugendarbechter ( säit 2004)

*Formatiounen*

Welter Jacques:

- Resilienz im Kinder und Jugendbereich

Smith-Boes Janine:

- Resilienz im Kinder und Jugendbereich
- Fachtagung Erlebnispädagogik im christlichen Kontext
- Workshop: Hausapdikt aus der Natur
- Einführung in den Bau von mobilen Seil-Spielelementen
- Erlebnispädagogik Modul 1/3 Trekking

Colignon Sarah:

- Resilienz im Kinder und Jugendbereich
- Erlebnispädagogik Modul 1/3 Trekking

De Oliveira Patrick:

- Erlebnispädagogik Modul 1/3 Trekking
- Politique Jeunesse
- MJ Mission, Concepts et assurance-qualité
- Loi ASFT
- Proffessional exchange about Youth Work around the target group young people in "NEET" situation

## Benevolater/ SVO / Stagiairen

| *Numm, Virnumm* | *Beschäftegung* | *Lafzäit* |
|---|---|---|
| Carier Lara | Stage | 07.11.17 - 11.01.18 |
| Rebelo da Cruz Sam | Stage | 17.10.17 - 11.10.17 |
| Funk Ben | Stage | 19.01.18 – 30.03.18 |
| Schmitt Patrick | Stage | 06.02.18 - 10.02.18 |
| Palluce Jeremy | Stage | 05.02.18 - 23.02.18 |
| Funk Ben | SVN | 01.04.18 – 31.05.18 |

**SVN**

Vun Januar bis Mee haten mer een Jong deen e Fräiwëllegen Stage gefollegt vun engem SVN bei eis gemaach huet. Vun Ufank un war et e Jonken deen vill Begleedung gebrauch huet. Di einfachst Aufgaben ( Visiteuren zielen, Fësch fidderen, Post sichen goen,…) hunn hien staark gefuerdert. Staark iwwergewiichtegt huet all Aufgab déi eng minimal Beweegung fuerdert hie un seng Grenzen bruecht. Krankeschäiner, Certificat'en matbréngen huet ni geklappt, och no mehrfacher Opfuederung net. Ëmmer erëm huet hien eis ugelunn, sief et firwat en seng

Ziedelen net ofginn huet oder och firwat en bei den diversen Aktivitéiten net konnt matmaachen.

Reegelméisseg sinn Reflexiounsgespreicher mat deem Jonken gefouert ginn, fir en lues an lues un seng Aufgaben ze gewinnen an en net e iwwerfuederen. An deenen Gespreicher krut hien emmer rem gesot waat gut oder net gut gelaaf ass. Ganz Equipe huet awer emmer rem probeiert en positiv ze verstärken. Och Team selwer huet sech ëmmer erëm zu him beroden an probéiert seng Methodik zur Aarbecht mat deem Jonken unzepassen.

Di verschidden Hellefendi mer fir hien entwéckelt hunn: Agenda kafen an feieren , Notizheft fir Ideen, Aufgaben an al Dag kuerz Reflexioun feieren, Fitnesstraining ( Reegelméisseg bis an de Bësch spadséieren goen am Kader vun senger Aarbechtsstonnen). Mir hunn him och vun Ufank un gesot et wär wichteg dat hien bei verschiddenen Aktivitéiten/Projet'en dobäi ass, domat war en och averstanen, huet du awer ëmmer erëm Entschëllegungen gehat fir net matzegoen. Bis op een Kanu Projet wou en dunn och dobäi war, wat sech awer wéinst senger Fitness als ganz schwiereg erwisen huet.

Enn Mee huet deen Jonken an engem Gespréich mat engem Mataarbechter vun eis, esou wei senger Referentin vum SVCI entscheet dat d'Jugendhaus net di richteg Platz fir hien ass.

## Zilgrupp

Den Alter vun den Jugendlechen, déi mir an eiser Struktur betreie, läit zwëschen 12 an 26 Joer.Déi Jonk, déi bei eis an Jugendhaus kommen an un den Aktivitéiten deelhuele kommen aus ënnerschiddleche Kulturen. Dat erméiglecht ënnereneen aner Traditiounen, Wäerter an Traditiounen kennen ze léieren, esou wéi Gemeinsamkeeten auszetauschen.
Mir probéieren deene Jugendlechen eng positiv Struktur unzebidden, woubäi mir leider och ëmmer rem op Widderstand a feelend Motivatioun stoussen fir un verschidde Projeten deelzehuele. Ziel ass et dowéinst, och déi Jugendlech, déi soss just den oppenen Beräich am JH notzen, fir aner Aktivitéiten ze begeeschteren.

## Ouvertureszäiten vum Jugendhaus (Acceuil)

| | |
|---|---|
| Sonndes/Méindes | Zou |
| Dënschden | 15h-20h |
| Mëttwoch | 16h-20h |
| Donneschden | 15h-20h |
| Freiden | 18h-22h |
| Samschden | 15h-20h |

## Ëffentlechkeetsaarbescht

Als Informatiounsquell notzt Jugendhaus déi offiziell Homepage www.schefflenger-jugendhaus.lu grad ewéi Facebook. Iwwert béid Säiten fannen déi Jugendlech Informatiounen zu Aktivitéiten, aktuell Projeten, Fotoen, Videoen a villes méi.

D'Logbuch op der Homepage gëtt genotzt fir wichteg Ereegnesser ënnert den Mataarbechter auszetauschen an Informatiounen déi Jugendhaus betreffen ze sammelen.
Als Jugendhaus huele mir un enger Rei Initiativen an eiser Gemeng deel: Schoulfester, Gesondheetsdeeg, Vakanzenaktivitéiten, Niklosmaart asw., an probéieren iwwert dësen Wee aktiv an der Gemeng matzewierken an d'Bild vum Jugendhaus weider ze verbesseren.

*Jugendversammlungen*

All éischte Freiden am Mount fënnt eng Jugendversammlung statt. Hei hunn déi Jugendlech d'Méiglechkeet nei Iddien ze presentéieren, Aktivitéiten ze proposéieren an aktiv un der Gestaltung vum Oflaf deelzehuelen. Gläichzäiteg ass een op fir konstruktiv Verbesserungsvirschléi a Kritik fir een bessert Mateneen am Jugendhaus.

# 3. Projeten an Aktivitéiten

Projeten an Aktivitéiten déi organiséiert ginn loossen sech sichtlech dem themateschen Schwéierpunkt an dem zäitlech Ëmfang ënnerscheeden. Et ginn souwuel Aktivitéiten ugebueden déi just vu kuerzer Dauer sinn grad ewéi Projeten déi iwwert méi Wochen ëmgesat ginn. Fir méiglechst vill Jugendlecher unzespriechen an fir eis Projeten ze motivéieren as Auswiel breet gefächert. Folgend Tabell gëtt een Iwwerbléck vun méiglechen Themen an Handlungsfelder enger Aktivitéit:

| |
|---|
| Emotiounen, Sozial Bezéiungen |
| Wäerterorientéirung, Demokratie, Participatioun |
| Sprooch, Kommunikatioun, Medien |
| Kreativitéit, Konscht, Kultur |
| Kierperbewosstsinn, Beweegung, Gesondheet |
| Ëmwelt, Naturwëssenschaften, Technik |

Vill vun eisen Projete stinn a Verbannung mat der Erliefnispädogik, déi et deene Jugendlechen erméiglecht duerch Naturerfarungen hir Perséinlechkeet ze entwéckelen an hir sozial Kompetenzen auszedehnen.
Um Modell: „Die Natur ist die beste Lehrmeisterin" (Thoreau) oder „The Mountain speaks for itself" (Outward Bound) orientéiert, wëlle mir deene Jonke onkeeflech Erliefnisser ubidden. Den Transfert vun Erfarungen aus erliefnispädagogeschen Moossnamen op den Alldag vun de Jugendleche ass dobäi een wichtegen Faktor.

Säit der Aféierung vum Zukunftsdiplom leeën mir och vill Wäert dorop, datt Participanten während de Projeten un dënn jeeweilegen Kompetenzen schaffe kënnen déi doran enthale sinn.

An Zesummenaarbecht mat aneren Organisatiounen sinn vill flott Initiativen entstanen.

Uschléissend ginn déi eenzel Projeten an Aktivitéiten kuerz virgestallt déi 2017/2018 ëmgesat goufen.

## Dagesprojeten[CS1]

- **Kürbis schnitzen** (25.10.17)

Zesumme mat de Jonke hunn mir am Jugendhaus Kürbisse geschnëtzt.

- **Boulderen am Saarland** (11.11.2017)

- **Niklosmaart** (2+3.12.2017)

Och dëst Joer hu mir zesumme  mat de Jonken um Niklosmaart deelgeholl.

- **Schoulsportdag Nelly Stein** (26.06.2018)

Am Kader vum alljäerleche Sportsdag an der Nelly Stein Schoul, hunn Educatricen aus dem Schëfflenger Jugendhaus eng Kloteraktivitéit fir Schüler encadréiert. Dobäi ware Kanner aus de Cyclen 2-3 an dat jeeweileg responsabelt Léierpersonal. Jiddwer Schoulklass hat eng Stonn Zäit. Fir d' éischt hu mir de Kanner de Knuet bäibruecht dee ee muss beim Klammen uwenden. Uschléissend konnte Si sech un deene verschiddene Parcoursen ausprobéieren. Entspriechend deenen eegene Kompetenze konnte Schüler ënnerschiddlech Schwieregkeetsgraden ausprobéieren. Kanner waren all mat vill Freed, Spaass a Motivatioun un der Aktivitéit dobäi a géifen sech wënsche méi oft Kloteren ze goen. Mir hunn de Schoulklassen dorops eist Jugendhaus virgestallt a Si op eis Projeten higewisen déi mir wärend dem ganze Joer organiséieren. Dacks géife mir nämlech och mam Jugendhaus Klotere goen a wieren ëmmer frou begeeschtert Leit dobäi ze hunn.

Och dëst Joer war Aktivitéit een Erfolleg a mir freeën eis nächst Joer erëm dobäi ze sinn.

- **Schoulfest Albert Wingert** (11.07.2018)

An engem Kreativatelier hunn Kanner konnten Jutebeutel personaliseieren.

## Kurzzäitprojeten

- **Fielskloterprojet** (27.10.17-03.11.17)

All TN sinn nach Schüler an fir all war den Schoulufank ustrengend, esou datt  mir ouni grouss Erwaardungen an Ziler gestart sinn. No engem kalen an éischter méi reservéierte Grupp huet sech no an no eng flott Dynamik am Grupp entwéckelt; jidwwer TN huet no an no konsequent

u senger Technik a senge Grenze geschafft. Ursprénglech war nach eng Wanderung op de MT Ventoux geplangt, respektiv “via ferrata” zu Céüse, wat mir awer aus dem Programm geholl hunn, aus dem einfache Gronn fir de Jonke maximal d ‘Méiglechkeet ze ginn fir un hire Kloterziler ze schaffen. Zwee TN hunn während dem Projet regelméisseg fir d ‘Schoul geschafft. D ‘Kachen an Organisatioun vum Picknick fir den Dag ass mat vill Asaz an Kreativitéit gemaach ginn.
Iwwernuecht hunn mir an zwee klenge Chaleten zu Vaison la Romaine um Fouss vum Mt Ventoux.
Folgend Klotergebitter goufe besicht: Malaucène, Venasque, Russan, Baume Rousse

- **Köln** (16.12.17- 17.12.17)

*1. Dag*
Mir sinn an den Zentrum vun der Stad getréppelt. Hei hunn Participanten däerfen ouni Betreier fir eng bestëmmten Zäit duerch Shoppingzentere goen. Uschléissend si mir zesummen de Schokoladenmuseum besiche gaangen an hunn een Tour iwwert de Chrëschtmaart beim Hafe gemaach. Als Ofschloss vum Dag ware mir an de Restaurant iessen. Geschlof hu mir an engem Hostal no beim Zentrum.

*2. Dag*
Moies si mir op Troisdorf an eng Klammhal Boulderen gewiescht.

D'Aktivitéit ass gutt bei de Participanten ukomm. Si hunn och de Wonsch ausgedréckt fir méi oft eng Stad mam Jugendhaus besichen ze goen. De Grupp ass mateneen eens ginn a Participanten hunn sech verdroen. Doduerch datt Visite eng Mëschung aus Kultur,Fräizäit a Sport war, huet jidder Jugendlecher eppes fonnt wat him Spaass gemaach huet.

- Graffiti Projet (Fuesvakanz 2018)

## Beschreiwung vum Projet:

Lues an lues soll den Accueil renoveiert gin. 1t Arbechten dozou waren iwwert dei lescht meint schon gemach gin. Op Basis vun engem Participatiounsprojet an engem motiveierten Stagiaire deen Graffiti Kenschtler ass, as d’Idee entstannen en Graffiti Projet am Accueil ze machen.

Wärend den Wochen vidrun sin all d’Jugendlech drop ungeschwaat gin. Se krutten och gesot dat dei di ganz Woch hellefen sech dono eng Aktiviteit därfen eraussichen.

De ganzen Projet war op Participatioun opgebaut, dei Jonk hun selwer entscheed waat op d’Mauer kennt an weieng Faarwen mer benotzen. Well et am Unfank net sou weinfach war an net vill input vum Grupp komm ass, hun mer d’Ronn gemach an jiddfereen huet seng lieblingsfaarw mussen soen. Dei Faarwen dei am meeschten gestemmt goufen sin dun kaaf gin.

Een vun den Jonken hat dun d’Idee typesch Schefflenger Saachen duerzestellen. Dei Jonk hun sech dun iwwerlueschst waat fir sie typesch Scheffleng ass an hun Skizzen ungefärdegt. Dun as zesummen gekuckt gin waat dofun meiglech ass an waat op weieng Plaatz vun der Mauer kennt.

Den Jeremy deen desen Atelier geleed huet, huet deenen Jonken ganz vill fraiheeten gelos an se motiveiert selwer ze zechnen. Hien huet se wärend den ganzen Deeg bei hieren Ideen ennerstetzt an

huet hinnen tipps gin wei se hier Ideen kennen duerstellen. Quasi de ganzen Graffiti as vun den Jonken selwer gemach gin, hien huet just e puer Saachen firgesprayt an sech zum Schluss em dei lescht detailer ( schatteirungen asw) gekemmert.

Wärend dem ganzem Projet waren emmer eng 15 Jonken do. Dei eng hun de ganze Projet lang gehollef, annerer waren just eenzel Deeg do.Motivatioun war grouss bei hinnen all an se geifen weiderhin gären esou Projet'en machen. De grupp huet gut zesummengeschafft an dei eenzegt Straitpunkten sin drem gangen ween mei huet dierfen sprayen.

Als Aktiviteit huet de Grupp sech unanim fir den Trampolin Park entscheed.

## Zieler:

- Relatioun JA -TN an TN-TN
- Participatioun
- Reimlechkeet vum JA personaliseieren, uneegnen
- Nei Techniken leieren

- ## Snowprojet 2018

## Wochenplanung

| Datum | Beschreibung |
|---|---|
| Sa. 10.02.18 | - Anreise, Check-In, Einkauf, allgemeine Erklärung über den Ablauf und die Organisation der Woche<br>- Dorferkundung<br>- ZD-Erklärung, alle TN entscheiden sich für das ZD |
| So. 11.02.18 | - Snowboard fahren (ohne Skipass) in Risoul und Arvieux<br>- Gemeinsames Picknick/Abendessen<br>- ZD: aufmerksam dem anderen zuhören und<br>- Respektvollen Umgang mit anvertrauten<br>- GegenständenGruppenreflexion/Einzelreflexion |
| Mo. 12.02.18 | - 2. Tag Snowboard fahren mit Skipass 3 Skipässen (Sessellift)<br>- ZD: SelbstorganisationEinkauf/gemeinsames Abendessen<br>- Gruppenreflexion beim Abendessen<br>- ZD Einzelreflexion |
| Di. 13.02.18 | - 10km Wanderung (Guillestre)<br>- Stadtbesichtigung Briancon<br>- ZD: sich auf gemeinsame Aufgabenstellungen einlassen<br>- Einkauf/gemeinsames Abendessen<br>- Gruppenreflexion |
| Mi. 14.02.18 | - Hausaufgaben/ Gruppenaktivität Gesellschaftsspiele<br>- Klettern (See)<br>- ZD: sich auf neues einlassen; Luca: Technik weitervermitteln<br>- Einkauf/ gemeinsames Abendessen<br>- ZD: Gruppenreflexion |
| Do. 15.02.18 | - 3. Tag Snowboard fahren mit Skipass für alle in Risoul (Sessellift)<br>ZD: Sich überwinden<br>- Einkauf/ gemeinsames Abendessen<br>- Gruppenreflexion<br>- ZD- Einzelreflexion |

| | |
|---|---|
| | - Spielabend |
| Fr. 16.02.18 | - Klettern<br>- Haus putzen<br>- Essen im Restaurant<br>- Abschlussreflexion<br>- ZD- Einzelreflexion |
| Sa. 17.02.18 | - Abreise |

## Ziele:

- Erlernen verschiedener Hardskills (Snowboard/Seilklettern)
    - Technik verstehen, ausprobieren, richtig anwenden, weitervermitteln
- Achtsamkeit im Umgang mit sich selbst und materiellen Dingen
    - Respektvoller Umgang (TN, Material)
    - Selbstorganisation
- Gesunde Ernährung
    - Frisch kochen, saisonal, regional, Sport
- Umgang mit Misserfolg
    - Gefühle angemessen zum Ausdruck bringen
    - Reflexion
    - Ziele anpassen
    - Ratschläge annehmen
- Emotionen ausdrücken
    - Gefühle akzeptieren, ausdrücken, kontrollieren
    - Emotionen anderer wahrnehmen
- Kooperation
    - Gemeinsame Aufgaben lösen
- Empathie
    - Vertrauen annehmen, geben
- Interkulturelle Begegnungen
    - Auf neues einlassen
- Risikokompetenz
    - Sich überwinden

- Citytrip Stroossbuerg ( 03.04.18 – 05.04.18)

All TN waren am Alter tëschent 11-14 Joer. Vun Ufank un war eng gutt Dynamik a Stëmmung am Grupp.

Iwwernuecht hu mir op engem Camping no beim Zentrum vu Stroossbuerg. TN waren ofwiesselend verantwortlech fir Owesiessen zouzebereeden an de Kaffi ze preparéieren.

Den éischten Dag ass de Grupp Liewensmëttel akafe gaange fir kommend Deeg ze kachen an de Picknick. Uschléissend krut de Grupp Aufgab fir mat Hëllef vun enger Kaart de Wee bis an den Zentrum a spéider och zeréck ze fannen. An der Stad hu mir déi historesch Alstad entdeckt a si Kathedral besiche gaangen. TN kruten no dësem kulturellen Erliefnis

Méiglechkeet a klenge Gruppen eleng duerch den Zentrum ze goen. Schwéierpunkt dësen Dag sollt sinn sech an enger onbekannter Stad erëm ze fannen, ze orientéieren an Haaptattraktioune vu Stroossbuerg kennen ze léieren.

Den zweeten Dag sollt niewent der Kultur och ee sportlechen Aspekt hunn. Sou ass als Zil ee Park erausgesicht ginn, dee gutt 1 ½ Stonn ze Fouss vum Camping fort war. TN kruten erëm Aufgab de Wee bis dohin ouni Hëllef vun den Educateuren ze fannen. Am Park de l'Orangerie hu mir Déierestatioun besicht an esou eist Wëssen iwwert Déierekennschaft erweidert. Nach eemol si mir vun do an den historeschen Zentrum getrëppelt fir weider Stad ze entdecken.

De Fokus vum leschten Dag louch um Sport. Mir sinn a Boulderhal ''Hueco'' gefuer.

Zil an Haaptschwéierpunkt vum Projet louch op der Orientéierung an Erëmfannen an enger neier onbekannter Stad. TN sollte léiere mat Hëllef vu enger Kaart de Wee zum Zil ze fannen. Doniewent sollten hir sozial Kompetenze gestäerkt ginn, an deem sinn am Grupp zesumme schaffen a léieren sech géigesäiteg ze ënnerstëtzen. Als zousätzlech Aufgab haten TN nach sech méi intensif mam Medium Fotografie auserneen ze setzen. Aufgab war et zesumme flott a speziell Momenter festzehaalen a kreativ sou wéi interessant Fotoen entsoen ze loosen.

Insgesamt war eng gutt Stëmmung an der Grupp an TN hunn sech gutt verstanen. Si hu geléiert hir eege Bedürfnisser munchmol an den Hannergrond ze stelle fir gemeinsam zum Zil ze kommen.

- Citytrip Maastricht 23.05-25.05)

Mir waren an 2 Camionetten ennerwee. Iwwernuecht hu mir op engem Camping zu Gulpen. TN hun selwer hier Zelter op- an ofgebaut an waren ofwieselend fir d'iessen zoustäneg.

**Daag 1:**

Den éischten Dag sinn d'Zelter opgericht gin an mir hun all zesummen zu Metteg gies. Waerend dem iessen hun mer beschwaat wei di next Deeg wärten oflaafen. Dei Jonk konnten eis Virschlei machen waat sie wellen machen. Dono hat de Grupp e bessen Fraizait, dei se all dofir genotzt hun an d'Schwemm vum Camping ze goen. Dobäi konnt de Grupp sech gud fannen an si konnten als Grupp zesummenwuessen.

Als next as d'Ankaafslescht vun den Jonken opgestallt gin an mir hun eis op den Wee an Duerf gemach. Dei Jonk haten d'Aufgab den Wee dohin ze fannen an och e Supermarché ze sichen. Si haten dobäi keng Problemer no dem Wee ze froen an si hun hier Stärkten/Kompetenzen vun der Aktiviteit Stroossbuerg erweitert

Nom ankaafen hun mer zesummen Gulpen erkündegt an sin bei engem flotten Wasser gelandt wou mer Paus gemach hun. Hei huet sech relativ seier eng flott dynamik entweckelt bei där TN verschidden Turnübungen an Spiller eegenstänneg gemach hun.

Zereck um Camping as d'Gemeis geschnidden gin fir d'owesiessen. Beim Owesiessen hun mer de mei genauen Plang fir den Daag drop festgeluescht. Mir hun och iwwert den Zukunftsdiplom geschwaat an Teilnehmer haten bis zum anneren moien Zait sech ze iwwerleen op se wellen drun deelhuelen.

Geint 22h00 war et dun Zait fir schlofen ze goen. Mat der Nuetsrouh hun gut geklappt, just Meedercher hun engkeier mussen drun errenert gin.

**Daag 2:**

Den Daag huet ungefangen mat engerm gemeinsamen Frühstück. Mir hun iwwert d'schlofen am Zelt geschwaat, fir verschiddener war et dei eischten Iwwernueschtung iwwerhaat an engem Zelt. TN'er hun sech och all fir den ZD ungemellt. Mir hun dun gemeinsam eng Kompetenz festgeluescht un där se schaffen. (Emphatie – Bewusst Wahrnehmung meiner selbst und meines Umfeldes)

Nom Früstück hun mer eis dun färdeg gemach fir op Maastricht. Fir dohin hun mer den öffentlechen Transport genotzt, mir hun zu Gulpen de Bus gehol an waren esou an 30 minuten an der Stadt. Schon am Bus haten TN'er d'Aufgab eraus ze fannen waat dei beschten Haltstell ass fir an den Zentrum vun der Stadt.

Am Zentrum unkomm hun TN'er nom Touristoffice gesicht. Se sin dun och do eran froen gangen waat een zu Maas onbedengt muss gemach oder gesin hun. 2 vun den Participat'en hun dun en Tuer fonnt deen lanscht all dei wichteg Plaatzen feiert. Sie 2 hun den Tuer dun ungefouert an eis bei all den Statiounen erklärt waat mer do gesin. An der Reflexioun dodriwer hun se d' Reckmeldung ginn, dass de Grupp leider net emmer nogelauschtert huet, wat si als negativ emfond hun. Si waren awer frou, dei nei Roll kennenzeleieren an auszeprobeieren. Si hun och wie weit reflekteiert, an dems si elo d Profen besser verstoen wann d Schüler net nolauschteren.

Nodeem Tuer sin mer zesummen op de Maart fir d'Mettegiessen ankaafen gangen. Nom geimesamen Iessen haten TN'er en bessen Fraizait.

Zum Schluss sin mer nach an de Park gangen wou e Street Food Festival stattfonnt huet. Mir hun do e bessen Zait verbruecht an wollten unsech och do zu Owend iessen mee d'Wieder huet eis e Strech duerch d'rechnung gemach, esou dat mer zereck op Gulpen gefuer sin an do an enger Pizzeria gies hun.

Zreck um Camping unkomm hun mer all zesummen den Fazit vum Daag gemach an e Reflexiounsgespreich iwwert den ZD eiert mer all schlofen gang sin. Hei hu mer rem vill iwert Empathie geschwaat. Si konnten ganz vill Beispiller nennen wou d Kompetenz vun dem Daag gudd an wou manner gud geklappt huet.

**Daag 3:**

Den Daag huet ungenag mat Zelter ofrichten an d'Autoen anraumen eiert mer dun gemeinsam gefrühstückt hun. Hei sin mer nach engkeier op den ZD angangen. Mir hun och vun deem Moment profiteiert fir den TN'er meiglechkeet gin eis ze erzielen waat hier Interessen sin, waat se an Zukunft nach gät geifen vun Aktiviteiten machen. Am geigensatz zu den Jugendversammlungen am Jugendhaus hat ech gefill dat desen moment vill mei produktiv war, jidfereen huet matgemach an all Idee as diskuteiert gin. (dei Ideen dei hei eraus komm sin, kommen an en extra Bericht – Jugendversammlung).

Dono sin mer an eng Schwemm zu Gulpen gefuer dei souwuel Indoor wei och Outdoor Becken an Rutschbahnen huet. Hei hun mer zesummen mat eisen TN'er e ganz flotten Daag verbruecht eiert et Zait war zereck op Letzebuerg ze fueren.

## Daueraktivitéiten / Langzäitprojeten

### ▪ Aktivitéiten am Accueil

Am Begréissungsraum steet deene Jugendlechen een Billardsdësch, zwee Kicker, Dëschtennis an Dart zu Verfügung. Ausserdeem stinn divers Gesellschaftsspiller bereet. Et gëtt och een Fernseh an een Computer, déi awer éischter seelen genotzt ginn. Am Eck vun den Fotellen fënnt een Flyer/Broschüren iwwert wichteg Themen (Aarbecht,Kultur, Service...).

### ▪ Sport an der Hal a Kachen am Jugendhaus

All Freiden ginn mir an Hal fir Sport ze maache. Uschléissend ginn interesséiert Jugendlecher akafe an preparéieren zesumme Owesiesse am Jugendhaus.

### ▪ Aquarium

Den Aquarium gouf zesummen mat deene Jugendlechen opgebaut. Fleeg vum Waasser an de Fësch fënnt regelméisseg statt. Eenzel Jugendlecher hëllefen gäre beim Ënnerhale vum Aquarium.

### ▪ Hochbeet/Urban gardening

,,**Urbaner Gartenbau**, auch **Urban Gardening**, ist die meist kleinräumige, gärtnerische Nutzung städtischer Flächen innerhalb von Siedlungsgebieten oder in deren direktem Umfeld. Die nachhaltige Bewirtschaftung der gärtnerischen Kulturen, die umweltschonende Produktion und ein bewusster Konsum der landwirtschaftlichen Erzeugnisse stehen global im Vordergrund. Städtischer Gartenbau ist eine Sonderform des Gartenbaus.''

Dëse Projet gëtt säit dem Fréijoer 2015 erfollegräich duerchgefouert. Zilgrupp déi duerch dëse Projet erreecht gëtt, sinn déi Jonk aus dem Jugendhaus. Doduerch soll hinnen een Zougang zu Natur erméiglecht ginn an déi Jugendlech solle léiere Verantwortung fir Planzen ze iwwerhuelen.

Gläichzäiteg steet den Projet am Lien mam Zukunftsdiplom. Hei kann un folgend Kompetenzen geschafft ginn:

- Ressourcenorientierung
    a. Pflanzen wachsen lassen
    b. Mit Erde arbeiten
- Aufforderungscharakter (Ernst)
    c. Der Jugendliche muss sich um einen längeren Zeitraum um das Beet kümmern
- Partizipation
    d. Mit dem Jugendlichen zusammen werden die Pflanzen ausgesucht
    e. Erfolg durch Ernte
- Mehrdimensionalität
    f. Handwerkliche Arbeiten
    g. Gruppearbeit bei mehreren Teilnehmern
- Forderung ( Psychomotorik, Wahrnehmung, Kreativität)
    h. Ganzheitliches Lernen mit allen Sinnen
        i. Fühlen
        ii. Schmecken
        iii. Sehen

Weiderhin ass de Projet Hochbeet am September 2017 duerch den Projet Solar erweidert ginn. Hei soll an Zesummenaarbecht mat deene Jugendlechen eng solarbedriwwen Bewässerungsanlag gebaut ginn. Ziel vum Solarprojet war opd' Problematik vun der Ressource Waasser an Energie opmierksam ze maache an déi Jonk dofir ze sensibiliséieren.



Termingründen zwei Wochen später gefeiert, der Kerngedanke bleibt jedoch der gleiche: In Zusammenarbeit mit der Familienkommission, dem Geschäfts- und Handwerkerverband (FCAD) und dem „Syndicat

wurde fündig. Die Fleißigsten waren bereits am frühen Morgen unterwegs, um sich die besten Angebote unter den Nagel zu reißen.
Der diesjährige Familientag wurde dann im Square Emile

Nico Brettner aus seinen Werken vor.
Und wer Lust auf eine gemütliche Rundfahrt durch das Düdelinger Zentrum hatte, der war mit dem „Bierenger Zichelchen" gut bedient.

Das gute Wetter lud dazu ein, sich auszutoben

# Solarbetrieben und umweltfreundlich

**UMWELT** Neue Bewässerungsanlage des Schifflinger Jugendhauses

In Anwesenheit der Vertreter des Schöffen- und Gemeinderates wurde die solarbetriebene Bewässerungsanlage für das Hochbeet des Schifflinger Jugendhauses am Samstag eingeweiht. Das Projekt wurde von der Gemeinde Schifflingen und dem Jugendhaus in Zusammenarbeit mit Greenpeace und Amcis durchgeführt. Besonders interessant hierbei: Das Hochbeet kann nun auch von der gesamten Bevölkerung genutzt werden.

Der Strom wird durch diese Fotovoltaikmodule gewonnen

Auch für den Balkon eignen sich diese Anlagen

Fotos: Marc Gatti

**SCHIFFLINGEN** Die Gemeinde Schifflingen betreibt bereits mehrere Fotovoltaikanlagen. Diese Anlagen besäße die passende Größe, um von jedem Haushalt auf dem Dach installiert werden zu können, hieß es bei der Vorstellung. Eine Zwei-Kilowatt-Anlage produziere genug, um einen Vier-Personen-Haushalt, der einigermaßen auf seinen Energieverbrauch achtet, zu 75% mit Strom zu versorgen.
Solarbetriebene Bewässerungsanlage eignen sich für den Balkon, die Terrasse oder den Garten und ebenfalls am Hochbeet oder sogar im Gewächshaus angelegt werden. Durch den Einsatz eines Fotovoltaikmoduls kommt die Anlage ganz ohne weiteren Stromanschluss aus und benötigt lediglich ein Wasserreservoir.
Das benötigte Wasser kann bequem in einer Regentonne oder einem Auffangbecken gesammelt und zielgerichtet über einen Durchflussregler oder eine Wasserpumpe mithilfe eines Verteilsystem an die Pflanzen weitergeleitet werden. Durch den Verzicht auf fossile Rohstoffe und die effiziente Nutzung von Regenwasser ist diese Methode somit besonders umweltfreundlich.
Die Jugendlichen aus dem Jugendhaus haben tatkräftig zum Gelingen des Projektes beigetragen, von den Grabungen des Lochs für den Wassertank über die Befestigungen bis hin zum Zusammenbauen der Fotovoltaikmodule. Hierbei wurden sie von der Firma Bonaria Frères S.A. unterstützt. mg

An der Pengschtvakanz 2018 ass daat ganzt dann nach duerch e Wasserlaaf deen duerch d'Hochbeet geet erweidert gin. Desen ass vun den Jonken mat der ennerstetzung vun den Erzeiher gebaut gin. Hei hun mer just op natierlech Materialen zougegraff.

- **Boulder_Projet**

Vun November bis Abrëll hunn dräi bis véier Weekender stattfonnt; tëschenduerch ass am Jugendhaus, zu Diddeleng an zu Tréier geübt ginn.

- **Outreach**

Dëser interessanter Initiative ass d'Schëfflenger Gemeng am Juli 2016 bäigetrueden; den Pitt Elvinger huet d'Jugendhaus wärend den éischten Méint reegelméisseg besicht. Vun Januar bis Abrëll huet d'Jugendhaus och 2 Stagiären vun him hei am Haus betreit; et war en éischte Versuch Zesummenaarbecht ze konkretiséieren. Enn Juni huet den Jacques de Pitt op eng Rei Pisten bruecht, fir eng konstruktiv

Zesummenaarbecht laangfristeg ze etabléieren:

- Echange vun Informatiounen
- Reegelméissegen perséinlechen Austausch
- Stagen mam ZD verbannen
- Iwwert dëse Wee den Stagiairen d'Méiglechkeet ginn och an Entreprisen eranzekommen.

Zenter Mäerz 2018 bekëmmert sech den Patrick ëm des Missioun. Déi verschidden opgezielte Punkten ginn na ëmmer agehalen, an bei Bedarf na ausgebaut. Des Collaboratioun huet et erméiglecht un verschidden Projeten oder Aktivitéiten mat drun deel ze huelen, wei zum Beispill:

- Traversé du Luxembourg à vélo
- Nuits des Sport
- Projet LNBD
- VA Alpin Adventure

aner Aktivitéiten sinn o na organiséiert ginn wei zum Beispill

- Sortie op Schueberfouer
- On Steitsch

an Kommend Activiteiten:

- Your voice matters!
- Projet LTE

Natierlech sinn o Begleedungen bei den Dokter oder na Ënnerstëtzung bei den Administrativen Demarchen geleescht ginn. Esou wei Vertriedungen vum OYW op Evenementer ewéi dem Léierplazendag oder na d'Jobdag, wat et erméiglecht d'Collaboratioun mat enger Multidisziplinärer Equipe ze erweideren. Vir esou déi betreiten Jonken bescht méiglech weider ze leeden un dee Service deen hiren Bedierfnesser entsprécht.

D'Collaboratioun mam Jugendhaus erméiglecht et o preventiv an virbeugend un der Neet Situatioun ze schaffen. Jugendlecher déi sech zum Beispill an hirem leschten Schoulflichtegen Joer befannen, an um gudden Wee befannen vir an eng Ontätlechkeet ze geroden, kréien iwwert des Collaboratioun d'Méiglechkeet am vir Feld un hirer kommender Transitioun ze schaffen. An esou eng Neet Situatioun ze vermeiden.

- **Zukunftsdiplom**

Mëttlerweil ass et net méi sou einfach fir an d'Beruffsliewen eranzekommen. Beim Zukunfstdiplom kann een un senge Liewenskompetenzen schaffen. Dat si Fäegkeeten déi beim gudden Ëmgang mat Mënschen hëllefen a wéi een mat Problemer an Stresssituatiounen ëmgeet.
Den Zukunfstdiplom as eng Zertifizéierung vun de Kompetenzen, déi während eenzelen Phasen vun den Projet'en geléiert goufen. Op der enger Säit ginn nei Techniken geléiert, op der anerer Säit gëtt op d'Verbesserung vu sougenannten sozialen Kompetenzen gekuckt. Dëst as e fräiwëllegt Angebot fir Jugendlecher vun 12 bis 30 Joer. Bei dëse Projet'en gëtt eng aktiv Bedeelegung an Matgestalten gefrot. (challenge by choice). Mir maachen eis Gedanken iwwert d'Verhältnis vum Mënsch an der Natur, setzen eis mat eiser Weltusiicht auserneen an erweideren doduerch eisen Horizont. Den Diplom erméiglecht bei enger Bewerbung fir eng Aarbecht, säi perséinlecht Profil ze verbesseren. Fir ëmmer méi Patronen ass et wichteg ze wëssen, wat den eenzelen Kandidat niewent senger Schoul nach gemaach huet. Duerch den ZD kritt een eng Unerkennung vun sengem Engagement an vun der Weiderentwécklung vun senger Perséinlechkeet. Wann een bereet as un sengen Kompetenzen ze schaffen an och bereet as fir Reflexiounsgespréicher dann as den ZD genau dat richtegt.
Fir den Zukunftsdiplom kann een sech mat Hëllef vun engem Formulaire umelle.
Den Zukunfstdiplom huet dräi Level's vun jee fënnef Projet'en. Beim éischten Level hellt een un deenen Projet'en deel déi een sech selwer erausgesicht huet. Beim zweeten Level ënnerstëtzt een e Kolleg mat manner Erfarung an beim drëtte Level iwwerhëlt een d'Verantwortung fir een Jonken mat besonneschen Bedierfnisser. All Projet gëtt vun jeeweils zwee Jugendaarbechter begleet. Waerend deenen dräi Level's gëtt un verschidde Kompetenzen geschafft. Wann mir zum Beispill mam Kanu fueren, dann léiert een niewen der Technik och eng ganz Partie sozial Kompetenzen, besonnesch am Beräich vun der Rolleverdeelung an der Kommunikatioun: fir e Kanu sécher duerch e Floss ze manövréieren brauch een d'Anhalen vun de Rollen an awer och eng ganz gelongen Kommunikatioun, anerefalls muss du méi wéi enkéier dech an deng Saachen aus dem Waasser fëschen.
Die verschidden Projet'en ginn dokumentéiert an esou kennt een zu sengem Zukunfstdiplom

## — Zwëschenbericht Zukunftsdiplom

**Projeten während deenen um ZD geschaff gouf**

D'Jugendhaus bidd vill verschidden Projeten un. Mee net bei all Projet kann een um ZD schaffen. Fir datt e Projet kann am Kader vum ZD gemaach ginn, muss en folgend Kriterien erfëllen. E muss:

- ressourcenorientéiert sinn,
- Opfouerderungscharakter hunn,
- realitéitsbezunn sinn,
- partizipative Charakter hunn,
- méidimensional sinn,
- eng Minimaldauer vun 24h hunn. (säit 2018 gëtt et ebenfalls d 'Méiglechkeet an enger Rei méi kuerzen Zäit Abschnitter un bestëmmtener Kompetenzen ze schaffen

**2017:**

- **Feldberg am Wanter**
  Wou: Feldberg an Ëmgéigend
  Wéini:18.- 25.02.17
  Thema: Snowboarden, Wanderen, Klammen

- **Animateur A Formation**
  Wou: Schëffleng an Ëmgéigend
  Wéini: 11.- 12.02.17 + 11.- 12.03.17 + 17.06.17
  Thema: D'Schwéierpunkter vun der Formatioun sinn**:**
  Sozial Kompetenzen: Kontaktfähigkeit, Kooperationsfähigkeit, Integrationsfähigkeit, Kommunikationsfähigkeit, Selbstkontroll. An dobäi gëtt wärend däer Zäit och un engem Verhalenskodex fir Animateuren geschafft. Zu deser Formatioun gehéieren och 2 Iwwernueschtungen an 2 Deeg Ministage am Jugendhaus.

- **Festival des Cabanes**
  Wou: Schëffleng, Diddeleng, Feldberg, Kirchbierg
  Wéini: Januar bis Juli 2017
  Thema: De Projet Cabanes huet an e puer Etappen stattfonnt. Fir d'éischt huet passend zum Thema "out of the box" eng Idee musse gesicht an beschriwwen ginn, an enger 2ter Phase ass d'Idee opgemollt ginn a spéider hin och als Maquette duergestallt ginn. Déi lescht Etapp war dunn d'Bauen vun der Cabane éiert se fir de Festival des Cabannes ausgestallt gouf.

- **Kanu Animateur B/C**
  Wou: Stau (Lultzhausen – Misärshaff)
  Wéini: 25.- 26.03.17
  Thema: En erliefnispädagogesche Weekend mam Thema Kanu, am Kader vun der Animateurs Formatioun.

- **LNBD Projetswoch**
  Wou: Diddeleng
  Wéini: 08.- 13.05.17
  Thema: Nohaltegkeet. Opbau vun de Cabannen a bauen vu Keschten fir d'Pflegestatioun vu wëllen Déieren.

- **Adventure Camp**
  Wou: Esch am Bësch
  Wéini: 09.- 11.06.17
  Thema: an engem intensiven Natur Erliefnes sinn eng Rei Techniken geléiert ginn an wichteg Erfahrungen gemaach ginn: Kachen um Feier, Iwwernuechten an der Natur, Fiels kloteren, Landart, Labyrinth, Nuetswanderung, Lager anriichten

- **Fielskloterprojet 1**
  Wou: Orpierre, Toulon
  Wéini: 02.- 08.06.17
  Thema: Fielsklammen

- **Fielskloterprojet 2**
  Wou: Vaison la Romaine
  Wéini: 28.10.- 03.11.17
  Thema: Fielsklammen

- **Hochbeet**
  Wou: Schëffleng
  Wéini: März bis Oktober 17
  Thema: Pflanzen a Pflegen vu Kraider, Geméis an Uebst

**2018:**

- **Snow Projet**
  Wou: Guillestre
  Weini:11.- 18.02.18
  Thema: Snowboarden, Wanderen, Klammen

- **Animateur A Formation** (ausgefall wéinst Mangel un TeilnehmerInnen)

- **Fielsklotterprojet Orpierre** (ausgefall wéinst Mangel un TeilnehmerInnen)

- **Fontainebleau** (ausgefall wéinst Mangel un TeilnehmerInnen)

- **Citytrip Maastricht**
  Wou: Maastricht
  Wéini: 23.- 25.05.18

Thema: Besichen vun enger Stad. Wéi fannen ech mech an enger friemer Stad erëm.

- **LNBD Projetswoch**
  Wou: Diddeleng
  Wéini: 23.- 28.04.18
  Thema: Nohaltegkeet. Mir hunn 2 Deeg mat Wanderen a Kanu fueren um Stau verbruecht. Déi aner Deeg ass eng Solarbänk gebaut ginn an e Solarworkshop huet stattfonnt.

- **Kanu Animateur B/C**
  Wou: Stau (Lultzhausen – Misärshaff)
  Wéini: 28.- 29.04.18
  Thema: En erliefnispädagogesche Weekend mam Thema Kanu, am Kader vun der Animateurs Formatioun

**Kommend Projeten 2018 bei deene um ZD ka geschafft ginn**

*Folgend Projeten am Kader vum ZD stinn 2018 nach um Programm:*


- Alpine Adventures 22.- 30.07.18 Fielskloteren, Boulderen, Rafting, Kajak, MTB, Wanderen
- Fontainebleau 14.- 16.07.18 Boulderen
- Citytrip Köln/Düsseldorf 17.- 20.07.18 Eng Stadt kennenleieren.
- Schwarzwald 20.- 24.08.17 Wanderen, Natur entdecken
- Fielsklotterprojet 27.10.- 03.11.18 Fielskloteren

**TeilnehmerInnen um Zukunftsdiplom**


43 Jugendlecher hu sech bis elo (Juni 2018) fir den ZD ugemellt an op mannst e Projet matgemaach.

Pro Projet wor et ganz ënnerscheedlech, wéivill TeilnehmerInnen um ZD geschafft hunn. Mol wor et de ganze Grupp, mol just eenzel Jonker aus dem jeweilege Projet. Dest hänkt ëmmer vum Projet souwéi vun de Grënn (vum Jugendlechen) bei deem Projet matzemaachen of.

**Alterskategorien TeilnehmerInnen:**




**Geschlecht TeilnehmerInnen:**




**Wourun erkenne mer, datt déi Jugendlech hir Kompetenzen erweidert hunn?**

Den ZD ass e sougenannte *"Kompenznoweis mat Dialogverfahren"* a setzt sech esou vun *"Assessmentverfahren"*, wéi och vum einfachen "*Engagementsnochweis*" of. Den zentrale Punkt ass e "Skaléierungssystem":

***„Skalierung** als Antwort auf die Unmöglichkeit andere exakt zu verstehen: Skalierungsfragen sind ein Mittel, um über etwas zu kommunizieren, ohne dass man wissen muss, worum es sich dabei genau handelt. Wir können verstehen, was besser heißt, ohne zu wissen, was gut heißt." (Steve de Shazer)*

*Skalen nutzen diesen Umstand der Unterschiedswahrnehmung und sind daher in besonderem Maße geeignet für die Verständigung.*
*Unsere Fragen sind* ***prozessorientiert****: Indem wir nach Unterschieden fragen, begleiten wir einen Prozess und fragen nicht nach einem Zustand. Dies unterstützt natürlich auch, dass eine Veränderung eintritt. Unterschiedsfragen fördern Bewegung und Veränderung." (Auszug aus: Sparrer, Insa; Wunder, Lösung und System; Heidelberg; Carl Auer Verlag 2006, Seite 53)*
Mir benotzen d'Skaléierung als Diskussiounsbasis a net als Benoutungssystem. Fir dat z'erreechen, bidde mer Projeten un an deenen Schwéierpunkten bei de Kompetenzen gesat ginn ...

**Begleedung, Evaluatioun a Supervisioun**
Als Team setze mer eis a reegelméissegen Ofstänn an interne Réuniounen zesummen, wou mer eis Projeten aus dem ZD diskutéieren, entwéckelen, plangen a no der Duerchféierung reflektéieren, evaluéieren an dokumentéieren.
Doniewent gëtt den ZD-Projet duerch eng extern Begleedung ënnerstëtzt. Dës Zesummenaarbecht erméiglecht eis ëmmer erëm e Bléck vu baussen op de Projet ze werfen an esou eis perséinlech a professionell Kompetenzen, wéi och de Projet als solchen weider z'entwéckelen. Dës Begleedung fënnt 6x am Joer statt, d.h. all ee bis zwee Méint setze mer eis zesummen a probéieren en aneren Bléck op d'Praxis ze kréien an esou d'Schwächen vum Projet z'identifizéieren, Alternativen ze sichen an nei Weeër auszeprobéieren awer och gelongen Elementer ze standardiséieren.
Aus dësen Reflexiounen eraus hu mer festgehaalen, datt mer an Zukunft niewent de spezifischen ZD-Projeten och Alldags-Aktivitéiten méi wëlle berücksechtegen, déi mer am Rahmen vun eiser Jugendaarbecht am Jugendhaus ubidden. Esou ass z.B. ugeduecht fir bei méi klengen Aktivitéiten 3-5x eng bestëmmten Kompetenz an de Fokus ze huelen an drun ze schaffen fir se dann an d'Evaluatioun vum Jugendlechen afléissen ze loossen. Ähnlech wär et an deem Sënn och bei Jonker, déi e Stage oder Service volontaire bei eis maachen an iwwert e längeren Zäitraum am Jugendhaus sinn.
Grouss Erausfuerderungen bleiwen op der enger Säit, de jeeweilegen Projet net duerch eng Iwwerbelaaschtung u Reflexiounsmomenter a senger Natierlechkeet ze gefäerden an op der anerer Säit Verbonnenheet mam Projet Zukunftsdiplom oprechtzehalen.

**Weiderbildung Team**
Team vum Schéfflenger Jugendhaus mecht wärend dem Joer regelméisseg Formatiounen an diverse Beräicher.
D' Aarbecht an der Natur ass säit 2004 ee Standbeen vun de Projeten am Jugendhaus. Eng Weiderbildung an der Erliefnispädagogik ass e weidere Schrëtt an der Qualitéitsentwécklung a fënnt an 3 Module 2018 a 2019 statt. Dës Opportunitéit gëtt dem ganzen Team d' Méiglechkeet säi Verständnis a seng Kommunikatiounskultur zu ënnerschiddlechen Themen ze stärken. Während dëse Formatiounen schaffe mer drun eis gemeinsam Basis ze stärken an auszebauen.

**Ëffentlechkeetsaarbecht Zukunftsdiplom**

- **07.07.16.:** Virstellen vum ZD op der snj-Konferenz "Jugendaarbecht an Suchtpräventioun"

- **23.11.16:** Table Ronde iwwert den ZD an der Schëfflenger Gemeng
- **01.12.16.:** Virstellen vum ZD um Radio 100.7
- **30.03.17:** Bréif matt ZD Infoen un d'Schëfflenger Betrieber
- **2017 + 2018:** Virstellen vum ZD am LNBD an LTE
- **2017:** Virstellen vum ZD am Bulletin vun der Gemeng Schëffleng
- **06/2018:** Artikel: "Projektarbeit in Schulen – neue Wege der Entfaltung von Potenzialen"; Sandra Biewers Grimm, Jacques Welter no ze liesen op: www.schefflenger-jugendhaus.lu
- Infomaterial: Broschüren a Flyer leien am Jugendhaus aus, sinn op eiser Homepage ze fannen an sinn op diversen Evenementer verdeelt ginn.

**Next Steps Zukunftsdiplom**

- Iwwerschaffe vun eisem ganzen Infomaterial
- Werbematerial : Mir wëllen Gadgeten uschafen fir déi Jonk, déi beim ZD matmaachen. Hei ass awer nach net entscheed waat, et soll opjidefall eppes sinn waat se och benotzen wärten.
- Intern Formatioun : Erliefnispädagogik
- Weider Partner sichen: Schoulen, Patron'en, ...

- **SVN**

Den Service National heescht:
Sech fräiwëlleg engagéieren an en eegene Projet ëmsetzen, seng Kompetenzen a seng Zäit enger Organisatioun zur Verfügung stellen, sech nei Kompetenzen uneegenen, sech senge Kompetenze bewosst ginn a se verstäerken, sech selwer an engem Beräich «testen» seng Chancen um Aarbechtsmaart verbesseren.
Verschidden Beräicher stinn zu Verfügung fir sech ze engagéiren:
Natur, Ëmwelt, Mënsche mat Behënnerung, Konscht, Radio, Kanner, Jugendinfo, Sport, Déiereschutz, Drëtt Welt, Patrimoine historique, Obdachloser, Senioren, Kultur, Jugendzenter, Tourismus, Fairtrade, humanitär Aktiounen, Mënscherechter, Fraerechter, Déierefleeg, Geschicht, Muséeën, Gedenkstätten, Bibliothéiken, Sozial Epicerien, ...
Dobäi musse folgend Konditioune erfëllt ginn:

-zu Lëtzebuerg wunnen (certificat de résidence)
-tëscht 16 an 30 Joer al sinn
-eng fräiwëlleg Vollzäitaktivitéit (30 – 35 Stonnen an der Woch) ausüben
-sech fir eng fräiwëlleg Laangzäitaktivitéit (3 – 12 Méint) engagéieren – ouni Ënnerbriechung!
-sech iwwert d'Fiche-d'inscription beim SNJ umellen

Den *Service Volontaire D'Orientation* erméiglecht et jonken Mënschen, déi a Lëtzebuerg wunnen eng beräichert Erfarung an enger lëtzebuergeschen Opnamstatioun ze maachen. Den

Schwéierpunkt läit dobäi op der Entwécklung vu praktesche Kompetenzen sou wéi eng perséinlech Berodung bis hin zu enger Beschäftegung oder souguer enger qualifizéierter Ausbildung.

An Zesummenaarbecht mam SNJ bitt Jugendhaus Schëffleng mat vill Freed a Motivatioun dësen Service jonke Interesséierten un.

- **SVCi**

Mir hunn dëst Joer probéiert den Agreement vum SVCi unzefroen. No vill Arabescht a laanger Zäit krute mir d' Info dat de Service elo ännert. An Zukunft gëtt den SVO an den SVCi ofgeschaaft an zesummegesat als SVN. Esou datt all Servicer dat an Zukunft upasse mussen.


### Vakanzenaktivitéiten 2018

All Summer ginn an zesummenarbecht vun der Gemeng Schëffleng an dem Jugendhaus Vakanzaktiviteiten fir Jonker vun 12 bis 17 Joer organiseiert.


Erzéier vum Schëfflenger Jugendhaus hunn folgend Projeten duerchgefouert: Fontainebleau, Alpine Adventures, Citytrip Köln/Düsseldorf, Schwarwald, Kloterpark, Fly High Yoga, Molen op Leinwand, Boomwhackers an Ofschlossfeier.

## 4. Unhang

### Memberen



## Visiteuren




## Aktivitéiten

